PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/04/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.

De 25ten Abrëll koum et zu Esch zu enger "Schlackenstaub"-Wolléck, déi duerch d'Aarbecht vun ArcelorMittal op hirem Site zu Belval verursaacht ginn ass. D'Mataarbechter vun der Firma hunn laut Tageblatt den Dag selwer Prouwen geholl. D'Awunner, d'Ëmweltverwaltung an den TICE, déi vun der Wolléck an der Verschmotzung betraff waren, fuerderen laut Artikel Arcelor op, fir d'Verschmotzung ze botzen respektiv fir fir d'Botzaktioun finanziell opzekommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet d'Ëmweltverwaltung hei scho Réckmeldung op hir Fuerderung kritt, datt Arcelor d'Botzaarbechte bezuelt? Wa jo, wat huet ArcelorMittal matdeele gelooss?
2. Wéi steet d'Regierung zur Fuerderung, datt de Schlackegruef misst iwwerdeckt ginn, fir datt esou Wolleken net weider kënnen entstoen?
3. Wäert d'Ëmweltverwaltung hei weider intervenéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten